N°3325
Luxembourg, le 29.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3325 vum 10. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Possibilité de recours à un appel vidéo dans le cadre des interventions du 112".**

1. **Ass et aktuell technesch méiglech, datt den 112 an engem Noutfall op eng Videokommunikatioun wiesselt?**

Am Kader vum "*European accessibility act*", deen ënner anerem och de sougenannten «barrierefräien 112» virgesäit, huet de CGDIS d'Fonktioun vun der Videokommunikatioun (Videocall) bei Noutriff viru kuerzem bei hirem Central des secours d'urgence (CSU 112) ageriicht.

De Prinzip ass deen, dass den Operateur vum CSU 112 dem Uruffer e Link per SMS ka schécken, iwwert deen dësen den Accès op d'Kamera an de Mikro vu sengem Smartphone fräischalte kann. Den Operateur kritt d'Biller an den Toun vun der Asazplaz dorposhin op sengem Bildschirm ugewisen.

Dës Funktioun gëtt awer net d'office bei all Noutruff genotzt, mä nëmmen dann, wann d'Situatioun op der Asazplaz et verlaangt. De Videocall erlaabt et dem Operateur dee Moment, d'Situatioun op der Asazplaz, déi och mol méi komplex ka sinn, besser kënnen anzeschätzen.

Desweidere kann den Operateur vum CSU 112 d'Videofunktioun och benotze fir den Uruffer bei der Éischter Hëllef ze guidéieren (z.B. bei enger sougenannter "*Telefonreanimation*" (T-CPR)), dëst bis d'Ambulanz op der Plaz ass.

2. **Ass d'Aféierung vun enger Video-Noutruff -Funktioun (z. B. per Link, App oder Webbrowser) beim 112 geplangt? Falls jo, bis wéini? Falls nee, firwat net?**

n.a.

Lëtzebuerg, de 27. Dezember 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden